# Virwuert vum Honorarkonsul

GROSSHERZOGTUM LUXEMBURG
Konsulat in Innsbruck



Léif lëtzebuergesch Studentinnen a Studenten!

Et ass mir eng grouss Freed an eng Éier, Iech zu Innsbruck wëllkomm ze heeschen. Universitéite si Plaze vun der Begeegnung, vun der Inspiratioun a vun der Zukunftsgestaltung. Dir hutt Iech entscheet, Äre Bildungswee hei weiderzeféieren – mat Virwëtz, Engagement an dem Mutt, nei Horizonter z'entdecken.

Dir sidd net nëmme Léierender, mee och Ambassadeurinnen an Ambassadeure vun Ärer Hierkonft, Ärer Kultur an Äre Wäerter. Mat Ärem Studium drot Dir dozou bäi, den Austausch tëscht de Länner ze fërderen, géigesäitegt Versteesdemech opzebauen an eng gemeinsam Zukunft an enger global vernetzter Welt ze gestalten. Dir wäert geschwënn d'Qualitéit vun den Universitéiten zu Innsbruck schätzen, souwéi och d'Liewensqualitéit an de Bierger.

D'Lëtzebuerger Konsulat bitt Ënnerstëtzung bei Froen am Ëmgang mat den éisträicheschen an och lëtzebuergesche Verwaltungen un. Et ass dem Konsulat leider net méiglech, eng *carte d'identité* oder en Pass auszeginn oder ze verlängeren. Dofir muss een sech entweder un d'Heemechtsgemeng zu Lëtzebuerg, d'Passbüro zu Lëtzebuerg-Stad, oder un d'Ambassade zu Wien wenden. Doniewent ass d'Konsulat zoustänneg fir gutt Relatiounen an de politeschen, wëssenschaftlechen, kulturellen a wirtschaftleche Beräicher tëscht Lëtzebuerg an Tirol, souwéi och mam Vorarlberg opzebauen.

Déi traditionell Hierschtsemptioune vum Konsulat goufen an de leschte Joren haaptsächlech genotzt, fir wirtschaftlech Verbindungen opzebauen. Dat och op Ureegung vum aktuellen Ambassadeur, S.E. Jean Graff, deen en unerkannten Ekonomie-Expert ass. Deen huet d'lescht Joer op der Universitéit Innsbruck eng Konferenz iwwer d'geschichtlech Entwécklung vun der Wirtschaft zu Lëtzebuerg gehalen. Dëst Joer wäert den Empfang sech ëm d'Thema Quantecomputer dréinen. Innsbruck ass op deem Gebitt e wichtege Standuert, an d'Lëtzebuerg wäert an de kommende Joren déi zwee *Meluxina*-Supercomputeren duerch e Quantecomputer ergänzen.

Ech wënschen Iech vill Erfolleg, Freed a Vertrauen op Ärem akademesche Wee. Mëcht Äert Studium Iech net nëmme berufflech Perspektiven op, mee schenkt Iech och perséinlech Erfëllung a mënschlech Begeegnungen, déi laang undaueren.

Prof. Dr. Armand Hausmann

Consulat du Grand-Duché de Luxembourg pour le Tirol et le Vorarlberg Wilhelm-Greil-Strasse 5 / 2. Stock
6020-Innsbruck
Sekretariat: +43 (0) 699 818 479 69

Honorarkonsul: +43 (0) 681 205 866 88

innsbruck@consul-hon.lu

# Virwuert vum President vum LSI

Lëtzebuerger Studenten Innsbruck
COMITE




Servus,

léif Memberen, zukünfteg Studenten a Studentinnen a Frënn vum LSI,

E grousst Kapitel ass ofgeschloss an eng ganz nei Etapp an ärem Liewe steet virun der Dier. Dir hutt de Lycée hannert iech, an elo stinn iech all Méiglechkeeten op. Dir musst iech decidéieren, wat dir studéiere wëllt, op wéi eng Uni dir goe wëllt an a wéi enger Stad dir déi nächst Jore verbrénge wëllt. Fir hoffentlech vill vun iech wäert dës Rees bis op Innsbruck féieren, eng Stad, déi fir vill Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinne mëttlerweil wéi eng zweet Heemecht ginn ass.

Innsbruck ass eng dynamesch Studentestad, déi duerch hir Gréisst a Stëmmung gutt mat der Stad Lëtzebuerg ze vergläichen ass. Si ass lieweg, oppen a familiär, perfekt fir eng nei Zäit unzefänken. Nieft dem Studium bitt d’Stad eng Onmass u Fräizäitméiglechkeeten: Wanderen, Vëlofueren, Downhill a Klammen am Summer; Ski, Snowboard a Schlittschong am Wanter. Dobäi kënnt eng räich Pallette u kulturellen Aktivitéiten an Eventer, déi d’Stad d’ganz Joer iwwer zu engem attraktiven an aktive Liewensraum maachen.

Eist Zil als LSI ass et, all Lëtzebuerger Student a Studentin hei beschtméiglech z’encadréieren an eng staark Communautéit opzebauen. Duerch reegelméisseg Eventer wéi de Welcome Day, de Pubquiz oder och déi eege Fräibéier-Soiréeë suerge mir dofir, datt sech déi nei an déi al Studenten a Studentinne séier kenneléieren an eng gutt Zäit zesumme verbréngen. Zousätzlech hu mir en enke Kontakt mat eisem Honorarkonsul, deen sech mat grousse m Engagement fir d’Lëtzebuerger Gemeinschaft hei zu Innsbruck asetzt.

Mat dëser Broschür wëlle mir iech en éischten Abléck an d’Studenteliewen hei ginn an iech d’Stad an d’Uni méi no bréngen. Wann nach Froen opkommen, ass de Comité dat ganzt Joer iwwer fir iech do. Egal ob per Mail, Facebook oder Instagram. Scheit net, eis unzeschreiwen. Mir hëllefen iech gär, fir dass är Zäit zu Innsbruck esou flott a beräicherend wéi méiglech gëtt.

Mir freeën eis drop, iech an de kommende Joren hei an eiser Communautéit begréissen ze dierfen.
Pfiat di a bis geschwënn!

**Vinti Yannick**

am Numm vun den
Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck

| | | |
|---|---|---|
| **Philologesch-Kulturwëssenschaftlech Fakultéit** | | |
| Bachelor Anglistik und Amerikanistik | 6 | Latein |
| Bachelor Französisch | 6 | Latein |
| Bachelor Germanistik | 6 | Latein |
| Bachelor Italienisch | 6 | Latein |
| Bachelor Slawistik | 6 | Latein |
| Bachelor Spanisch | 6 | Latein |
| Bachelor Sprachwissenschaft | 6 | Latein |
| Bachelor Translationswissenschaft | 6 | - |
| Bachelor Vergleichende Literaturwissenschaft | 6 | Latein |
| Master Anglistik und Amerikanistik | 4 | - |
| Master Franzsösisch | 4 | - |
| Master Klassische Philologie - Latein | 4 | - |
| Master Medien | 4 | - |
| Master Romanistik | 4 | - |
| Master Slawistik | 4 | - |
| Master Sprachliche und literarische Varietäten in der frankophonen Welt | 4 | - |
| Master Sprachwissenschaft | 4 | - |
| Master Translationswissenschaft | 4 | - |
| Master Vergleichende Literaturwissenschaft | 4 | - |
| Doktorat Literatur- und Kulturwissenschaft | 6 | - |
| Doktorat Sprach- und Medienwissenschaft | 6 | - |
| **Philosophesch-Historesch Fakultéit** | | |
| Bachelor Archäologien | 6 | Latein |
| Bachelor Classica et Orientalia | 6 | Latein |
| Bachelor Europäische Ethnologie | 6 | - |
| Bachelor Geschichte | 6 | Latein |
| Bachelor Kunstgeschichte | 6 | Latein |
| Bachelor Musikwissenschaft | 6 | Latein |
| Bachelor Philosophie | 6 | Latein |
| Master Alte Geschichte und Altorientalistik | 4 | - |
| Master Antike Welten | 4 | - |
| Master Archäologien | 4 | - |
| Master Europäische Ethnologie | 4 | - |
| Master Peace and Conflict Studies | 4 | - |
| Master Geschichte | 4 | - |
| Master Kunstgeschichte | 4 | - |
| Master Musikwissenschaft | 4 | - |
| Master Philosophie | 4 | - |
| Doktorat Philosophie | 6 | - |
| **Rechtswëssenschaftlech Fakultéit** | | |
| Bachelor Wirtschaftsrecht | 6 | - |
| Master Wirtschaftsrecht | 4 | - |




# Comité

Dat heiten ass de Comité vum LSI aus dem Joer 2025/2026. Dëse ka vu Joer zu Joer ëmmer bësse wiesselen. Gréisser Wiessel kenne mol virkommen, sinn awer net all Joer ze erwaarden. Mir sinn dat ganzt Joer fir iech do an organiséiere verschidden Eventer wéi beispillsweis Pubquizen, Fräibéieren a soss aner flott Aktivitéiten. Mir bréngen lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck méi no bei iech, sou kënnt dir och schnell an einfach nei Fréndschafte schléissen. Falls ee weider Froen zu bestëmmte Studiegäng oder zum Liewen zu Innsbruck huet kann een sech och ganz gäre bei engem vun eis mellen, mir hëllefen och gäre weider!


Tschüss Mama
und Papa.
Hallo Studentenleben!
Mit dem staatlich garantierten Studiendarlehen startest du durch und genießt dein Studentenabenteuer in vollen Zügen.
Eine echte Starthilfe für dein Studentenleben. Das Darlehen ist 100 % digital, flexibel und passt sich deinem Rhythmus an.
150 €
Prämie bei Kreditabschluss*
Raiffeisen


The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
VISA
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess


Kessel
On Tour
Kessel Cholet
Kiermessen '26
Schueberfouer '26
LOOKING FOR A FLEXIBLE
PART-TIME JOB DURING YOUR STUDIES?
JOIN
OUR
TEAM
APPLY
STAFF@KESSEL.LU
Be part of a welcoming crew
in a lively atmosphere!
www.kessel.lu


INNOVATIV PROJETS BEI
DREES & SOMMER LËTZEBUERG
Als féierend international Berodungs- a Projektrealisations-Entreprise begleede mir privat an ëffentlech Clienten bei alle Froen iwwert Immobilien, Infrastruktur an Industrie.
Mir sichen iwwert d'ganzt Joer Studenten an Absolventen aus de Beräicher Versuergungstechnik, Maschinnebau, Elektro- an Haustechnik, Architektur, Bauingenieur, Urbanismus, Wirtschaftsingenieur an nach méi...
DREES &
SOMMER
CRADLE TO CRADLE®,
BIM, PROJEKTMANAGEMENT,
TECHNESCH KONZEPTIOUN,
ENTWÉCKLUNGSMANAGEMENT,
INFRASTRUKTURBERODUNG

